N°2652
Entrée le 24.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.07.2025

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 23. Juli 2025

Här President,

sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an un den Här Inneminister weiderzeleeden.

Wéi op RTL an anere Medie gemellt gouf, koum et den 23. Juli 2025 géint 16:30 Auer zu enger graver Stéierung am Reseau vun der POST, wou verschidden essentiel Zerwisser net méi accessibel waren. Besonnesch besuergneserreegend ass d'Meldung vum CGDIS a vun der Police, datt och den Accès op d'Noutruffnummeren 112 respektiv 113 och betraff waren.

An deem Zesummenhang wéilte mir follgend Froe stellen:

1. Ass de Haut-Commissariat à la Protection nationale (HCPN) an dësem Kontext zesummegeruff ginn? Wann net, firwat net? Ass ee „Plan d'intervention d'urgence" (PIU) ausgeléist ginn? Wa jo, wéi gouf en ëmgesat a mat wat fir engem Resultat?
2. Ëm wat fir eng technesch Stéierung oder eventueller Cyberattack huet et sech am aktuelle Fall gehandelt? Goufen Elementer identifizéiert, déi op eng gezielten Attack hiweisen?
3. Wéi laang waren déi betraffe Systemer ausgefall, a wéi eng Zerwisser waren insgesamt betraff?
4. Wat sinn d'Prozeduren an esou Fäll, besonnesch fir systemrelevant Verwaltungen a Zerwisser fir de Kontakt mat de Bierger trotz engem Ausfall vum Internet- an Telefonsreseau oprecht ze erhalen?
5. Ginn et alternativ Kommunikationsstrukturen, wéi zum Beispill Satellittennetz, Noutruffnummeren iwwer aner Kanäl oder lokal Radiosystemer, déi an esou engem Fall agesat kënne ginn?
6. Wéi wëll d'Regierung d'Resilienz an d'Redundanz vun de staatlechen Infrastrukture verstäerken, fir am Fall vun Attacken oder änlechen technesche Stéierungen e kontinuéierleche Fonctionnement vun den essentiellen Zerwisser sécherzestellen?
7. Dei betraffe Bierger kënnen am Fall vun engem flächendeckende Handyreseauausfall net temporär op alternativ Netzoperateuren zeréckzegräifen. Ass d'Regierung der Meenung, dass esou een Netzwierk- oder Provider-Redundanz via Reglementéierung kéint virgeschriwwe

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

ginn, fir eng minimal Déngschtkontinuitéit ze garantéieren? Sinn an deem Sënn legal oder technesch Dispositioune geplangt, déi een "roaming national d’urgence" oder eng interoperabel Backup-Struktur forcéieren?

Mat déiwem Respekt,

Ben Polidori
Deputéierten

Taina Bofferding
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

**lsap.lu**